Les lampes LED ont une efficience énergétique jusqu'à 70 % supérieure à celle des luminaires traditionnels. Elles ne permettent donc pas seulement de faire des économies en coûts d'électricité, mais préservent aussi l'environnement. Ces économies sont particulièrement perceptibles sur les terrains de sport d'une grande superficie. Par ailleurs, les LED ont une durée de vie allant jusqu'à 50 000 heures, ce qui signifie qu'elles doivent être remplacées beaucoup moins souvent que les lampes traditionnelles. Cela permet non seulement de réduire les coûts d'entretien, mais assure aussi le bon déroulement du jeu sans interruptions fréquentes. L'éclairage uniforme des terrains de jeu est un autre avantage. Les lampes LED améliorent la visibilité du ballon et des joueurs et minimisent les zones d'ombre. En outre, la couleur des LED peut être adaptée, ce qui améliore le confort visuel. Contrairement aux lampes traditionnelles, qui nécessitent souvent une phase de préchauffage, les LED sont pleinement opérationnelles dès qu'elles sont allumées.

Les lampes LED convainquent aussi en termes d'écologie. Elles consomment moins d'énergie, ne contiennent pas de substances nocives comme le mercure et doivent être remplacées moins souvent, ce qui minimise les coûts de matériel et d'élimination. En optant pour la technologie LED, nous misons sur les solutions d'éclairage durables.

Neiegkeeten

NOUVEAUTÉS

Vereedegung vum Paul Estgen

Am Kader vun der Gemengerotssitzung vum 27. September gouf de Paul Estgen als neie Member vum Gemengerot vereedegt. Hien iwwerhëlt de Poste vum Mike Hagen, deen sech aus dem Gemengerot zréckgezunn huet. De Paul Estgen gehéiert der Fraktioun "Är Bierger" un.

Assermentation de Paul Estgen

Lors de la séance du conseil communal du 27 septembre, Paul Estgen a été officiellement assermenté en tant que nouveau membre du conseil. Il succède à Mike Hagen, qui s'est retiré du conseil communal. Paul Estgen fait partie du groupe politique "Är Bierger".

Neie Foussgängeriwwergang zu Gonnereng

D'Gemeng huet rezent op der N11 zu Gonnereng en neie Foussgängeriwwergang mat roude Luuchten installéiert. Esou kënne d'Foussgänger sécher iwwert d'Route de Luxembourg kommen.

Nouveau passage piétons à Gonderange

La commune a récemment installé un nouveau passage pour piétons sur la route N11 à Gonderange, équipé de de feux rouges. Cela permet aux piétons de traverser la Route de Luxembourg en toute sécurité.

Ännerung vun de Waassercompteuren an eiser Gemeng

Ab Hierscht 2024 wäert d'Gemeng Jonglënster ufänken, déi al Waassercompteuren duerch eng nei Generatioun vun digitale Waassercompteuren ze ersetzen. Dëse Prozess wäert e bëssen Zäit an Usproch huelen. Eis Gemengenaarbechter komme schrëttweis un är Hausdier schellen an d'Compteuren ersetzen. Falls Dir de Moment net doheem sidd, kritt Dir e Flyer an Är Bréifkëscht fir ee Rendez-vous auszemaache fir d'Installatioun. Bei weidere Froe kënnt dir Iech bei eisem Waasserservice mëllen: Tel: 78 72 72 - 70

Changement des compteurs d'eau dans notre commune

À partir de l'automne 2024, la commune de Junglinster commencera à remplacer les anciens compteurs d'eau par une nouvelle génération de compteurs d'eau digital. Ce processus prendra un certain temps, et nos agents communaux passeront progressivement chez vous pour remplacer les compteurs. Si vous n'êtes pas à la maison au moment de leur passage, un dépliant sera déposé dans votre boîte aux lettres afin de fixer un rendez-vous pour l'installation. Pour toute question, vous pouvez contacter notre service des eaux au numéro suivant : Tél. : 78 72 72 - 70.

80 Joer Fräiheet: Gedenken un d'Befreiung vu Lëtzebuerg

Den 10. September 1944 gouf Lëtzebuerg no méi wéi véier Joer Besatzung vun den amerikaneschen Truppe befreit. Fir un dëse Moment ze erënneren a fir deene couragéierten Zaldoten an der lëtzebuergescher Bevëlkerung ze gedenken, huet d'Gemeng den 10. September den amerikanesche Fändel opgehaange.

80 ans de liberté : Commémoration de la libération du Luxembourg

Le 10 septembre 1944, le Luxembourg a été libéré par les forces américaines après plus de quatre ans d'occupation. Pour commémorer cet événement, la commune a hissé le drapeau américain le 10 septembre afin de rendre hommage aux courageux soldats et à la population luxembourgeoise.

Visitt vum Borrigs Schlass

Am Kader vun de Journées Européennes du Patrimoine huet d'Gemeng Jonglënster zesumme mam Kulturministère den 28. September 2024 eng Visitt Guidée vum Borrigs Schlass organiséiert.

D'Borrigs Schlass ass an der Mëtt vum 18. Joerhonnert am Optrag vum Lënster Paschtouer Johann Otto Borrigs (1714-1783) gebaut ginn a steet säit dem Joer 1961 ënnert Denkmalschutz.

Dir wëllt méi iwwert de Johann Otto Borrigs an d'Geschicht hannert dem Borrigs Schlass gewuer gi? Dann scannt de QR-Code oder besicht eis Website: www.junglinster.lu/tourisme-et-loisirs/maison-borrigs

Visite du château Borrigs

Dans le cadre des Journées Européennes du Patrimoine, la commune de Junglinster, en collaboration avec le ministère de la Culture, a organisé une visite guidée du Château Borrigs le 28 septembre 2024.

Le Château Borrigs a été construit au milieu du 18e siècle sur l'ordre du curé de Linster, Johann Otto Borrigs (1714-1783), et est classé comme monument historique depuis 1961.

Vous souhaitez en savoir plus sur Johann Otto Borrigs et l'histoire derrière le Château Borrigs ? Scannez le code QR ou visitez notre site web : www.junglinster.lu/tourisme-et-loisirs/maison-borrigs

AdventsMaart Lënster a.s.b.l.

Zu Jonglënster beim Centre Culturel
den 30/11/2024 ab 11:00-23:00

Guiden a Scouten St.Martin Jonglënster
Arcus a.s.b.l. Kannerhaus Jonglënster
E.D.C. Pickerten
Feierowend Club
Luxembourg- Lettonie
Volleyball Amber-Lënster
CiGR Syndrall
Rotary Club Junglinster
Country Linedance Lënster a.s.b.l.
Taekwondo
Société du chien de police et de garde
Junglinster/Graulinster SCPGJG
Harley Club Lëtzebuerg
Lënster Lycée International School
Fitness Club Jonglënster
Equiclic/Equisolidaire a.s.b.l
CiPA Junglinster
Ôpen a.s.b.l.
A.S.A assosciation solidaire des artisans
Frënn vum Scoutshome Jonglënster
Equigaart a.s.b.l.

Adventskranz (LGSJ)
Bestellen:
www.adventskranz.lgsj.lu

Kleeschen:
15:30 (0-6 Joer)
16:30 (6-12 Joer)

Ausstellung am Ôpen

Gréng Säiten

PAGES VERTES

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech

Saisonaalt a regionaalt Geméis am November an Dezember

LÉGUMES DE SAISON ET RÉGIONAUX EN NOVEMBRE ET DÉCEMBRE

Och an de kale Méint gëtt et vill regionaalt Geméis, dat net nëmme frësch a gesond ass, mee och besonnesch nohalteg. De Kaf vu saisonale Produiten hëlleft dobäi, d'Transportweeër ze reduzéieren an ënnerstëtzt lokal Baueren. Mir verroden Iech hei wéi eng Geméiszorten am November an Dezember Saison hunn a wéi een se an der Kichen asetzt.

1. Kabes – e richtegt Wanterwonner

Déi verschidden Zorte Kabes sinn am spéiden Hierscht an am Wanter d'Staren um regionale Maart. Se si räich u Vitaminnen, Mineralstoffer a Ballaststoffer, wouduerch se ideal si fir den Immunsystem ze stäerken.

- Grénge Kabes: De klassesche grénge Kabes, och als "Wanterkinnek" bekannt, schmaacht eréischt nom éischte Frascht richteg gutt. E liwwert Vitaminn C a kann op vill Manéiere benotzt ginn, zum Beispill als deftege Plat mat gréngem Kabes a Gromperen oder als Zutat fir e grénge Smoothie.

- Brockelcher: Kleng, awer net ze ënnerschätzen! D'Brockelcher sinn net nëmme kalorienaarm, se sinn och voller Vitaminnen. Mat Gewierzer am Schäffche geréischtert schmaachen se besonnesch aromatesch.

- Rouden a wäisse Kabes: Dës zwou Zorte si fest Bestanddeeler vu ville Wanterplaten. De roude Kabes ass eng klassesch Bäilag fir e Festdagsbrot a léisst sech wonnerbar zu Sauerkraut veraarbechten. De wäisse Kabes eegent sech perfekt fir en deftegen Eintopf.

2. Wuerzelgeméis – kräfteg a voller Goût

D'Wuerzelgeméis gehéiert zu de widderstandsfäegste Geméiszorten, déi och nom éischte Frascht nach kënnen aus dem Buedem geholl ginn. Se hu vill Närstoffer a kënnen op vill verschidden Aarte preparéiert ginn.

- Wuerzelen: D'Wuerzele sinn d'ganzt Joer iwwer verfügbar, awer am Wanter schmaachen se besonnesch gutt. Ob réi, an Zoppen oder am Schäffchen, se sinn ëmmer eng gutt Wiel.

- Pastinaken: Dëst séisslech-nëssegt Wuerzelgeméis erlieft an de leschte Joren e Comeback. Pastinake schmaache wonnerbar a crèmegen Zoppen, Puréeën oder als Bäilag.

- Schwaarzwuerzel: D'Schwaarzwuerzelen, och bekannt als "Wanterspargel" sinn en echte Geheimtipp. Se hunn e liicht nëssegen Aroma a passe souwuel zu Eintopfen, wéi och als edel Bäilag zu Plate mat Fleesch.

- Betterav: Dës donkelrout Knoll ass räich u Folsaier an Eisen. Am Schäffche gebak, an Zaloten oder als Zutat fir Smoothie bréngt d'Betterav Faarf a Goût an de Wanter.

3. Kürbis – Den Hierschtfavorit bis an de Wanter

Obwuel d'Haaptsaison fir Kürbissen am Oktober läit, sinn se och nach am November an Dezember verfügbar, well se sech gutt lagere loossen. Besonnesch beléift sinn den Hokkaido-Kürbis an de Butternut-Kürbis. Se eegne sech fir

Zoppen, Platen am Schäffchen oder als Zutat fir Wantercurryen. Den Hokkaido-Kürbis huet de Virdeel, datt e mat der Schuel ka giess ginn, wat d'Preparatioun vereinfacht. Iwwregens: Wousst Dir, datt d'Käre vun allen iessbare Kürbissen och iessbar sinn a vill ze schued fir ewechzegeheien? Se kënnen op vill verschidden Aarte preparéiert ginn: am Schäffche gebroden, mat Olivenueleg a Salz gewierzt als Snack oder als Zutat fir selwer gebake Brout, Pesto, Smoothie, Granola, asw.

4. Gromperen – Dat regionaalt Grondnarungsmëttel

D'Grompere sinn am Wanter besonnesch wäertvoll, well se laang kënne gelagert ginn a villsäiteg an der Kiche kënnen agesat ginn. Se liwwere wichteg Kuelenhydrater a Ballaststoffer. Ob als Purée, gebrode Gromperen, Gratin oder an Zoppe si se en onverzichtbare Bestanddeel vun der Wanterkichen.

5. Porretten an Ënne fir all Platen ze wierzen

D'Porrette gehéieren zu de wéinege Geméiszorten, déi am Wanter frësch vum Feld kommen. Se wierzen Zoppen, Eintopfen a Gratinen. Och d'Ënnen, déi am Hierscht erausgeholl a gelagert ginn, sinn e feste Bestanddeel vun der Wanterkichen. Se liwweren net nëmme Goût, mee och wichteg Vitaminnen a sekundär Planzestoffer, déi den Immunsystem stäerken.

6. Mauséiercherszalot – D'Wanterzalot

Wärend vill Zorten Zalot am Wanter rar sinn, ass d'Mauséiercherszalot e richtegt Wanterwonner. Se trotzt de kalen Temperaturen an ass eng erfrëschend Ofwiesslung um Teller. D'Mauséiercherszalot enthält vill Vitaminn C an Eisen, wat se besonnesch gesond mécht. Se passt perfekt zu Wanterbäilage wéi deck Nëss, Äppel oder Scheiwe Betteraven.

Firwat saisonal a regional?

De Kaf vu regionalem a saisonalem Geméis huet vill Virdeeler. Et ass net nëmme méi frësch, well et keng laang Transportweeër hannert sech huet, mee och méi ëmweltfrëndlech. Et ënnerstëtzt och lokal Baueren a suergt dofir, datt al Geméiszorten net a Vergiessenheet geroden. Am November an Dezember gëtt et eng grouss Villfalt u frëschen Zutaten, déi sech wonnerbar zu deftegen a gesonde Plate veraarbechte loossen.

Même pendant les mois les plus froids, il existe une multitude de légumes régionaux qui sont non seulement frais et sains, mais aussi particulièrement durables. Opter pour des produits de saison permet de réduire les distances de transport et de soutenir les agriculteurs locaux. Nous allons vous expliquer ici quels sont les légumes de saison en novembre et décembre et comment les utiliser en cuisine.

1. Les choux – une véritable merveille hivernale

Les variétés de choux sont les stars du marché régional à la fin de l'automne et en hiver. Ils sont riches en vitamines, en minéraux et en fibres, ce qui les rend idéaux pour renforcer le système immunitaire.

- *Chou frisé : Le chou frisé classique, également appelé « roi de l'hiver », n'est vraiment délicieux qu'après les premières gelées. Il fournit de la vitamine C et peut être utilisé de diverses façons, par exemple comme plat rustique composé de chou frisé et de pommes de terre ou comme ingrédient d'un smoothie vert.*

- *Chou de Bruxelles : Petit mais costaud ! Les choux de Bruxelles ne sont pas seulement pauvres en calories, mais aussi pleins de vitamines. Ils sont particulièrement aromatiques lorsqu'ils sont grillés au four avec des épices.*

- *Chou rouge et chou blanc : Ces deux variétés sont des ingrédients classiques de nombreux plats d'hiver. Le chou rouge est un accompagnement classique des rôtis de fête et se transforme à merveille en choucroute. Le chou blanc est parfait pour les ragoûts nourrissants.*

2. Les racines – résistantes et savoureuses

Les racines font partie des légumes les plus résistants, qui peuvent encore être récoltés après les premières gelées. Elles sont riches en nutriments et peuvent être préparées de diverses manières.

- *Carottes : Les carottes sont disponibles toute l'année, mais leur goût est particulièrement bon en hiver. En crudités, dans des soupes ou au four, elles sont toujours un bon choix.*
- *Panais : Cette racine au goût doux de noisette fait un retour en force depuis quelques années. Le panais est délicieux dans les soupes crémeuses, les purées ou en accompagnement.*

- *Salsifis : Également connu comme « asperge d'hiver », le salsifis est un secret bien gardé. Il a un léger goût de noisette et accompagne aussi bien les ragoûts que les plats de viande en tant que garniture raffinée.*

- *Betterave rouge : Ce tubercule rouge foncé est riche en acide folique et en fer. Préparée au four, en salade ou comme ingrédient de smoothies, la betterave rouge apporte couleur et saveur à l'hiver.*

3. La courge – le favori de l'automne jusqu'en hiver

Bien que la saison principale des courges soit en octobre, elles sont encore disponibles en novembre et en décembre, car elles se conservent bien. La courge d'Hokkaido et la courge butternut sont les plus populaires. Elles peuvent être utilisées dans les soupes, les plats au four ou comme ingrédient dans les currys hivernaux. La courge d'Hokkaido a l'avantage de pouvoir être mangée avec sa peau, ce qui facilite sa préparation.

Saviez-vous que les graines de toutes les courges utilisées en cuisine sont mangeables et qu'il est bien trop dommage de les jeter ? Elles peuvent être utilisées de multiples manières : grillées au four, assaisonnées avec de l'huile d'olive et du sel comme en-cas ou ingrédient de pain fait maison, pesto, smoothie, barre de céréales, etc.

4. Les pommes de terre – l'aliment de base régional

Les pommes de terre sont particulièrement précieuses en hiver, car elles peuvent être stockées longtemps et peuvent être utilisées de multiples façons dans la cuisine. Elles fournissent des glucides et des fibres alimentaires essentiels. Elles constituent un ingrédient indispensable de la cuisine d'hiver, que ce soit sous forme de purée, de pommes de terre sautées, dans des gratins ou des soupes.

5. Poireaux et oignons – un condiment pour chaque plat

Le poireau est l'un des rares légumes qui arrivent frais du champ en hiver. Il apporte de la saveur aux soupes, aux ragoûts et aux gratins. Les oignons, récoltés et stockés en automne, font également partie intégrante de la cuisine d'hiver. Ils apportent non seulement du goût, mais aussi des vitamines et des substances végétales secondaires, qui renforcent le système immunitaire.

6. La mâche – la salade d'hiver

Alors que de nombreuses variétés de salades se font rares en hiver, la mâche est un véritable miracle hivernal. Elle défie les températures froides et apporte de la fraîcheur à votre assiette. La mâche contient beaucoup de vitamine C et de fer, ce qui la rend particulièrement saine. Elle se marie parfaitement avec des accompagnements hivernaux tels que les noix, les pommes ou les tranches de betterave rouge.

Pourquoi des légumes de saison et régionaux ?

L'achat de légumes régionaux et de saison présente de nombreux avantages. Ils ne sont non seulement plus frais, car ils ne doivent pas parcourir de longues distances, mais aussi plus respectueux de l'environnement. En outre, l'achat de ces légumes soutient les agriculteurs locaux et empêche les anciennes variétés de légumes de tomber dans l'oubli. En novembre et décembre, on trouve une grande variété d'ingrédients frais qui se prêtent parfaitement à la préparation de plats savoureux et sains.

Rotschléi fir d'Planzen am November an am Dezember

CONSEILS POUR LES PLANTES EN NOVEMBRE ET DÉCEMBRE

Déi kal Méint November an Dezember sinn eng roueg Zäit fir vill Gaardefrënn. Awer och an dëser Joreszäit gëtt et wichteg Aufgaben, déi am Gaart kënne gemaach gi fir d'Planzen op de Wanter virzebereeden a frëscht Gréngs an d'Haus ze bréngen.

1. Zwiwwele fir d'Fréijoer setzen

November ass déi lescht Geleeënheet fir Zwiwwele wéi Tulpen, Narzissen oder Krokussen ze setzen. Soulaang de Buedem nach net gefruer ass, kënnen d'Zwiwwelen an d'Beeter oder Kiwwele gesat ginn. Am Fréijoer gitt Dir da mat frësche Faarwe belount.

2. Dëppeplanzen an hiert Wanterquartéier bréngen

Mediterran Planze wéi Olivebeem, Zitrounebeem oder Bougainvillea musse virum Frascht geschützt ginn. Eng hell, kill Plaz, wéi eng net gehëtzt Zär oder eng Garage mat Fënster, ass ideal als Wanterquartéier. Et ass och wichteg, d'Dëppeplanze wärend dem Wanter reegelméisseg op Parasitten ze kontrolléieren a se spuersam, awer reegelméisseg ze nätzen.

3. Weihnachtsstern an Amaryllis fleegen

Och am Banneberäich kënnt Dir viru Chrëschtdag faarweg Akzenter setzen. De Weihnachtsstern ass eng beléift Zëmmerplanz an der Adventszäit. Dës Planzen hunn et gär hell a verdroe keen opgestaut Waasser. Dofir ass et wichteg, spuersam ze nätzen. Och d'Amaryllis kann am Wanter mat prächtege Blumme begeeschteren. D'Zwiwwele sollen Ufank Dezember an en Dëppe gesat ginn, fir datt d'Blummen zur Zäit fir Chrëschtdag do sinn.
De Weihnachtsstern an d'Amaryllis ginn als saisonal Wuer fir ewechzegeheien ugesinn. Mat e bësse Gedold a Wësse kënne béid Planzen awer ganz gutt iwwer Jore kultivéiert an all Joer op en neits zum Bléie bruecht ginn.

4. D'Villercher am Gaart ënnerstëtzen

Vergiesst d'Déieren am Gaart net: Mat engem Fudderhaische kënnt Dir d'Villercher am Wanter ënnerstëtzen a bréngt gläichzäiteg Liewen an Äre Gaart. Planze wéi Eefeu oder Walddëschtel bidden de Villercher och wäertvoll Narung.

5. Pläng fir d'neit Gaardejoer

D'Wanterméint eegne sech perfekt fir Pläng fir dat kommend Gaardejoer ze maachen. Elo ass d'Zäit fir neie Som ze bestellen, Gaardepläng auszeschaffen a sech iwwer aktuell Planzentendenzen ze informéieren. Sou kënnt Dir gutt virbereet an déi nächst Gaardesaison starten.

Mat dëse Rotschléi bréngt Dir Äre Gaart sécher duerch déi kal Méint a kënnt Iech gläichzäiteg op dat kommend Gaardejoer freeën.

Les mois froids de novembre et décembre sont une période calme pour de nombreux amateurs de jardinage. Il y a pourtant des tâches importantes à effectuer dans le jardin en cette saison, pour préparer les plantes à l'hiver et faire entrer de la verdure fraîche dans la maison.

1. Planter des bulbes pour le printemps

Le mois de novembre est la dernière occasion de planter des bulbes de fleurs comme les tulipes, les narcisses ou les crocus. Tant que le sol n'est pas encore gelé, les bulbes peuvent être plantés dans les platebandes ou les jardinières. Au printemps, vous serez récompensé par des couleurs fraîches.

2. Déplacer les plantes en bac dans leurs quartiers d'hiver

Les plantes méditerranéennes comme les oliviers, les citronniers ou les bougainvilliers doivent être protégées du gel. Un endroit lumineux et frais, par exemple une serre non chauffée ou un garage avec fenêtre, est un quartier d'hiver idéal. Il est également important de contrôler régulièrement la présence de parasites et d'arroser les plantes de manière parcimonieuse mais régulière.

3. Entretenir les poinsettias et les amaryllis

À l'approche de Noël, vous pouvez également créer des accents colorés à l'intérieur. Les poinsettias sont des plantes d'intérieur très appréciées pendant la période de l'Avent. Ces plantes aiment la lumière et ne supportent pas l'eau stagnante, c'est pourquoi il est important de les arroser avec parcimonie. L'amaryllis embellit également l'hiver avec ses fleurs magnifiques. Les bulbes doivent être placés dans un pot début décembre pour que les fleurs apparaissent à temps pour Noël.
Les poinsettias et les amaryllis sont considérés comme des produits saisonniers et jetables. Cependant, si vous faites preuve d'un tout petit peu de patience et de connaissance, ces deux plantes peuvent être cultivées de manière pluriannuelle et refleurir chaque année.

4. Aider les oiseaux dans le jardin

N'oubliez pas les animaux qui vivent dans le jardin : en installant un abri, vous pouvez aider les oiseaux à passer l'hiver tout en apportant de la vie dans votre jardin. Des plantes comme le lierre ou le houx offrent en outre une nourriture précieuse aux oiseaux.

5. Planifier la nouvelle année de jardinage

Les mois d'hiver se prêtent parfaitement à l'élaboration de plans pour l'année de jardinage à venir. C'est le moment de commander de nouvelles semences, d'élaborer des plans pour le jardin et de s'informer sur les tendances actuelles en matière de plantes. Vous serez ainsi bien préparé pour la prochaine saison de jardinage.

Ces conseils feront en sorte que votre jardin passe les mois froids en toute sécurité pour que vous puissiez attendre l'année de jardinage à venir en toute sérénité.

INITIATIV LIEWENSUFANK
DEBUT DE LA VIE - BEGINNING OF LIFE

PEKIP & MOBILE

Für Kinder von 2 bis 24 Monaten, in Betzdorf

In unseren „PEKiP"-Gruppen erwartet Sie eine wertvolle Zeit voller gemeinsamer Erlebnisse mit Ihrem Baby

Die Kleinen genießen eine wunderschöne Spielzeit und erleben in der vertrauten Gegenwart ihrer Eltern erste soziale Interaktionen mit Gleichaltrigen.
Eltern erfahren dabei, wie sie die Entwicklung ihres Kindes spielerisch unterstützen können, und profitieren vom bereichernden Austausch mit anderen Eltern.
Neben vielen inspirierenden Spielideen für Ihr Kind bieten die Gruppen noch vieles mehr.

WWW.LIEWENSUFANK.LU

Telefon: (+352) 36 05 97 oder **www.liewensufank.lu** • Aktuelles zu unseren Kursen: **facebook.com/InitiativLiewensufank**

INITIATIV LIEWENSUFANK
DEBUT DE LA VIE - BEGINNING OF LIFE

MamaYOGA - BETZDORF

WWW.LIEWENSUFANK.LU

Der Yogakurs vor der Geburt.

Mit Hilfe von Yoga finden Sie Ruhe und Ausgeglichenheit, aber auch Kraft und Flexibilität

Sie sind schwanger und suchen einen Moment für sich? Sie möchten sich trotz Babybauch gern bewegen?
Sie wollen sich und Ihrem Baby etwas Gutes tun?

Ob Sie Anfänger sind oder bereits fortgeschritten, in unserem Yoga-Kurs für Schwangere passen wir die klassischen Yoga Asanas auf Sie an. Wir möchten, dass Sie sich während des Kurses entspannen und komplett abschalten können. Gezielte Übungen werden Ihnen ermöglichen, Ihre Kraft und Flexibilität zu steigern.

Le cours de yoga prénatal.

Le yoga vous permet de trouver le calme et l'équilibre, mais aussi la force et la flexibilité.

Vous êtes enceinte et vous cherchez un moment pour vous ?
Vous aimez faire de l'exercice malgré votre ventre rond ?
Vous voulez faire du bien à votre bébé et à vous-même ?

Que vous soyez débutante ou déjà avancée, dans notre cours de yoga pour femmes enceintes, nous adaptons les asanas de yoga classiques à votre niveau. Nous souhaitons que vous puissiez vous détendre et vous concentrer que sur vous pendant le cours. Des exercices ciblés vous permettront d'augmenter votre force et votre flexibilité.

www.liewensufank.lu • Telefon: (+352) 36 05 97 • info@liewensufank.lu • facebook.com/InitiativLiewensufank

Fotoalbum

IMAGES

Scannt follgende QR Code fir allegu-erten d'Fotoe vun dësem Event ze kucken:

Scannez le code QR pour regarder toutes les photos de cet événement:

19.09.2024

Depart Tour de Luxembourg

MAT ALL FOTO MOOLS DUE STÉCK VUM LIEWEN!

Fotoalbum

IMAGES

MAT ALL FOTO MOOLS DUE STÉCK VUM LIEWEN!

Scannt follgende QR Code fir allegu-erten d'Fotoe vun dësem Event ze kucken:

Scannez le code QR pour regarder toutes les photos de cet événement:

27. & 28.09.2024

Lënster Maart

Agenda

November

NOVEMBRE

5., 12., 19., 26. November
Zesummen Danzen

An enger entspanter Ambiance danze mir modern Dänz, Folklore- Square a Linedänze ouni feste Partner. Fir weider Informatiounen: 691 157 008 oder 78 91 16

9h30 - 11h00
Junglinster, C. spor. op Fréinen
ORG.: Danzclub Den Dillendapp

8., 22., 29. November
Vente de produits des jardins du loup

Equisolidaire Asbl vous propose de venir acheter leurs légumes cultivés sans produit chimique sur leurs sites régionaux de Olingen et de Junglinster.

15h00 - 19h00
Ôpen - Maison citoyenne
ORG.: Equisolidaire asbl et Ôpen

9. November
Potercafé

Umeldungen bis den 8. November per E-Mail op:
vivreensemble@junglinster.lu

10h00 - 11h30
CIPA - 40, rue Rham
L-6142 Junglinster
ORG.: Commission communale du vivre-ensemble interculturel

16. November
Hämmelsmarch mam Gonnerénger Duerfclub

Fir d'Kiermes am November geet de Gonnerénger Duerfclub, zesumme mat der Bierger Musek, duerch Gonnerény, fir de Leit eng schéi Kiermes ze wënschen.

13h00 - 18h00
Gonderange
ORG.: Gonnerénger Duerfclub

16., 17. November
4ème édition salon bien être et thérapies alternatives

10h00 - 19h00
Junglinster, CP Gaston Stein
ORG.: Bien être au cœur asbl

VOTRE MANIFESTATION ICI!

Wann Dir wëllt, dass Är Manifestatioun op dëser Säit publizéiert gëtt, drot se w.e.g. an den Agenda op eisem Internetsite an:

Si vous souhaitez que votre manifestation soit publiée sur cette page, veuillez l'inscrire dans l'agenda sur notre site web :

WWW.JUNGLINSTER.LU

November & Dezember

NOVEMBRE & DECÉMBRE

21. November
Potercafé After-work Edition

Umeldungen bis den 20. November per E-Mail op: moien@openlenster.lu

- **19h30 - 21h00**
- **Ôpen - Maison citoyenne**
- ORG.: Commission communale du vivre-ensemble interculturel & Ôpen

23., 24. November
Wanterzäit

Fannt bei eis op sëllege Stänn hand-gemaache Chrëschtkaddoen an en-ger schéiner Chrëschtambiance bei engem gudde Stéck Kuch an eppes ze drénken.

- **23.: 14h00 - 18h00**
  24.: 10h00 - 18h00
- **Junglinster, CP Gaston Stein**
- ORG.: Syndicat d'Initiative Jong-lënster

3., 10., 17., 24., 31. Dezember
Zesummen Danzen

An enger entspanter Ambiance danze mir modern Dänz, Folklore- Square a Linedänze ouni feste Partner. Fir weider Informatiounen: 691 157 008 oder 78 91 16

- **9h30 - 11h00**
- **Junglinster, C. spor. op Fréinen**
- ORG.: Danzclub Den Dillendapp

6., 13., 20., 27. Dezember
Vente de produits des jardins du loup

Equisolidaire Asbl vous propose de venir acheter leurs légumes cultivés sans produit chimique sur leurs sites régionaux de Olingen et de Junglins-ter.

- **15h00 - 19h00**
- **Ôpen - Maison citoyenne**
- ORG.: Equisolidaire asbl et Ôpen

14. Dezember
Potercafé

Umeldungen bis den 13. Dezember per E-Mail op: vivreensemble@junglinster.lu

- **10h00 - 11h30**
- **CIPA - 40, rue Rham**
  L-6142 Junglinster
- ORG.: Commission communale du vivre-ensemble interculturel

Agenda

Dezember

DÉCEMBRE

14., 15. Dezember
Krëschtconcert / Benefizconcert

Wéi all Joer invitéiert de Mandolinneveräin "La Lyre" vu Guedber Iech op seng traditionell Krëschtconcert'en fir de gudden Zweck.

14.: 19h00
15.: 17h00
Godbrange, Église
ORG.: Société mandoliniste "La Lyre" Godbrange

15. Dezember
D'Lënster Musek verschenkt Musek

Dir kennt eng Persoun der dir villäicht eng kleng Freed wëllt maachen? Mellt Iech bei eis iwwert reservation@lenstermusek.lu a sot eis wiem dir gären e bësse Musek wëllt schenken.

10h00 - 17h00
Commune de Junglinster
ORG.: Lënster Musek ASBL

19. Dezember
Potercafé After-work Edition

Umeldungen bis den 18. Dezember per E-Mail op: moien@openlenster.lu

19h30 - 21h00
Ôpen - Maison citoyenne
ORG.: Commission communale du vivre-ensemble interculturel & Ôpen

Fir d'Bicherfrënn

Lënster Bibliothéik

Dënschdes *(mardi)*, 16h00 – 18h00
Samschdes (samedi), 10h00 - 12h00
Junglinster, Centre Culturel "Am Duerf"
ORG.: Lënster Bibliothéik a.s.b.l.
www.lensterbibliotheik.lu

Schreift lech an ...
... an Dir kritt Zougang an d'Welt vun de Bicher. Dir fannt bei eis e grousse Choix u Bicher op lëtzebuergesch, franséisch an däitsch fir Erwuessener a Kanner an eng kleng Auswiel op englesch a schwedesch.

Inscrivez-vous et ...
... rejoignez le monde des livres. Ici vous trouverez un choix de livres en luxembourgeois, français et allemand pour adultes et enfants ainsi qu'une petite selection en anglais et suédois.

Bicherverkaf zu Eschweiler

All Samschdeg / *Chaque samedi*
14h00 - 17h00
Bicherbuttek zu Eschweiler
ORG.: Lënster Bicherclub Luxemburgensia

Fannt Äert Buch!
Verkaf vu gebrauchte, antike Bicher, Romaner, Luxemburgensia, Kannerbicher, Kachbicher, etc.

Trouvez votre livre!
Vente de livres d'occasion, de livres antiques, de romans, Luxemburgensia, de livres pour enfants, de livres de cuisine, etc.

Bicherbus

21. November, 12. Dezember
15h15 - 16h00
Junglinster, Centre Culturel "Am Duerf"
ORG.: Nationalbibliothéik, Bicherbus

Ôpen
maison citoyenne

Pour connaitre les dates et les films

FOLLOW US

Ôpen

L'agenda de novembre et décembre

Nos rendez-vous hebdomadaires

Les lundis à 19h : Danse orientale avec Greta jusqu'au 16 décembre inclus
Les mardis à 14 h : Café des parents
Les mercredis à 18h : Ôpen Food, opération de distribution alimentaire
Les jeudis à 14h: Café Tricots
Les vendredis 15h-17h et samedis 10h-16h : Point de retrait de vos commandes chez Kilogram, True Brew Trade, Kapenaker Blooms et Neighbour magazine
Les samedis 14h-16h: atelier créatif (crochet ou papier mâché en alternance)

Activités en novembre

Mar. 05 à 14h : Bingo Nomëtteg fir all !

Mer. 13 à 12h : Nice to meet U, repas partagé

Dim. 10 à 11 h : Dimanche seconde main - Déposez vos objets dans la semaine ou venez les échanger le dimanche.
La vente est au profit de Ôpen.

Jeu. 14 à 15 h : Atelier culinaire pour enfants
à 19h : Raum der Stille

Sam. 16 à 10 h : Petit-déjeuner Fairtrade avec un documentaire et un intervenant de Fairtrade Luxembourg

novembre suite...

Jeu. 21 à 20 h : Poter café - *café des langues*

Dim. 24 à 17 h : Projection du film "School circle"par LuDUS asbl et Alli Asbl

Activités en décembre

Mar. 03 à 14h : Bingo Nomëtteg fir all !

Mer. 11 à 12h : Nice to meet U, repas partagé

Jeu. 12 à 15h : Atelier culinaire pour enfants
à 19h : Raum der Stille

Dim. 22/12 au lundi 6/01 :
Femeture de fin d'année

Le détail des évènements et plus d'info ?

www.openlenster.lu

open.lenster.maison.citoyenne

openlenster

Nos évènements et nos activités sont proposés aux grés des envies et des disponibilités de nos membres et des citoyens.
Le programme peut donc évoluer, consultez nos calendriers numériques ou celui de la commune!

Si vous souhaitez partager un savoir-faire , Ôpen est là pour cela ! Contactez-nous!

12, Route d'Echternach L-6114 Junglinster

621 284 433

Ôpen maison citoyenne

4 bonnes raisons de pousser notre porte

Tous les 2èmes jeudis du mois à 15h (Atelier culinaire) et 19h (Raum der Stille)

Tous les 1er mardis du mois (14h)

Tous les 2èmes mercredis du mois (12h)

12, Route d'Echternach L-6114 Junglinster

www.openlenster.lu openlenster open.lenster.maison.citoyenne

Theater
Musek
Literatur
Ausstellungen
Workshops

khn.lu

Den aktuelle Programm fannt dir op eisem Site.

Éffnungszäiten
Méindeg + Freideg: 8h00-14h00
Dënschdeg, Mëttwoch + Donneschdeg: 8h00-16h00

khn Kulturhaus Niederanven
145, route de Trèves L-6940 Niederanven

Gemeng NIDDERAANWEN

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Wanterzäit
zu Jonglënster am Centre Polyvalent Gaston Stein

23. & 24. November 2024

De Syndicat d'Initiative invitéiert iech häerzlech op déi 11. Editioun vun der Wanterzäit am Centre Polyvalent Gaston Stein.

Fannt op sëllege Stänn handgemaache Chrëscht-kaddoen an enger schéiner Chrëschtambiance bei engem gudde Stéck Kuch an eppes ze drénken.

Och dëst Joer stellen erëm eng Rei Schoulklassen aus der Gemeng hier selwergerëschte Chrëscht-beemercher aus. Beim Chrëschtbeemerchersconcours kenn dir fir ären Favorit ofstëmmen.

Fir eis jonk Visiteure steet déi zwee Deeg e Moldësch bereet. Kommt bei eis laanscht kucken!

Samsdes: 14 – 18 Auer | Sonndes: 10 – 18 Auer

Entrée ass gratis

Wanterzäit
à Junglinster au Centre Polyvalent Gaston Stein

23 & 24 novembre 2024

Le Syndicat d'Initiative a le plaisir de vous inviter à sa 11e édition de son évènement « Wanterzäit ».

Sur plusieurs stands, vous avez la possibilité de découvrir des cadeaux de Noël créatifs faits à la main, dans une ambiance agréable. Pour votre bien-être on propose de la pâtisserie faite maison et des boissons rafraîchissantes.

Comme chaque année, plusieurs classes des écoles de la commune de Junglinster présentent leurs sapins de Noël décorés. Un concours sera organisé lors duquel vous pouvez voter pour votre favori.

Un atelier de dessin attend nos jeunes visiteurs.

Samedi : 14 – 18 h | Dimanche : 10 – 18 h

Entrée gratuite

Weider Informatiounen
Plus d'informations:
www.sijunglinster.lu

@sijunglinster

Syndicat d'Initiative
de la Commune de Junglinster A.s.b.l.

Facebook

250 Joer
Lënster
Kierch

Programm November - Dezember 2024

08.11.2024

Concert | 20:00

Musique Militaire
Grand-Ducale Luxembourg

dir. : Lieutenant Jean Thill
soliste : Luc Nilles, baryton

programme :
Bach, Bruckner, Crespo,
Mahler, Wagner

réservations souhaitées
quête à la fin du concert

Reservierungen nur per
Anruf unter:
Réservations uniquement
par appel au:
(+352) 621 375 295

Crémant série limitée

Cuvée 250 Joer

Bestellt äre Crémant a kritt en ab 6 Fläsche gratis heem geliwwert (awer just an der Gemeng Jonglënster).
E-mail:
commande@LensterKierch.lu
Tel.: (+352) 621 375 295

17.11.2024

Clôture des festivités –
Fête patronale
St. Martin

10h45
Messe solennelle
célébrée par
Mgr Leo Wagener, *évêque auxiliaire*
Chorale Sainte-Cécile
Junglinster
dir. : Luc NILLES
orgue : Laurent FELTEN

12h30
Banquet de la Kermesse au Restaurant « Bei den Zwillingen um Belenhaff – Golf de Luxembourg » à Junglinster.

Réservation obligatoire pour le banquet jusqu'au 04.11.2024
90€ par personne (toutes boissons incluses), menu végétarien sur demande.

La réservation n'est définitive qu'après virement du montant total sur notre compte CCRA :
LU43 0099 7800 0027 3540

Menu de la Kermesse :

* Apéritif, amuses bouches
* Kiermeszopp
* Petite bouchée à la reine
* Sorbet pomme arrosé au Calvados
* Mignons de veau
* Kiermeskuch 250 Joer Lënster Kierch
* Café

Mehr Informationen unter:
Pour plus d'informations:

www.LensterKierch.lu

D'Frënn vun der Lënster Kierch a.s.b.l.

Hauptsitz / *Siège social :*
Centre Paroissial Junglinster
15, rue du Village
L-6140 Junglinster

Kontakt / *Contact :*
info@LensterKierch.lu

marcwilmesdesign.lu

43e Festival de Musique au Château de Bourglinster

Salle des Chevaliers au château de Bourglinster

DIMANCHE 10.11.24 / 17h00

TRIO A CLAVIER

Philippe KOCH violon
Stéphane GIAMPELLEGRINI violoncelle
Johan SCHMIDT piano

DIMANCHE 01.12.24 / 17h00

HINTER DEN BLITZEN, ROT

Kammerata Luxembourg
Sandrine CANTOREGGI violon
Susanne MARTENS alto
Pierre FONTENELLE violoncelle
Max MAUSEN clarinette
Joseph MOOG piano

DIMANCHE 15.12.24 / 17h00

RECITAL DE PIANO



Stella ALMONDO

Billets : 30/25 € - gratuité pour les étudiant.e.s

Réservations : www.bourglinsterfestival.lu
www.luxembourg-ticket.lu
Email : acb@pt.lu
Tél. +352 78 81 56 (mardi et vendredi matin)

Caisse du soir selon disponibilité des places

Les Amis du Château de Bourglinster
d'Frënn vum Bierger Schlass

Plus d'informations sur www.bourglinsterfestival.lu

Offallkalenner

CALENDRIER DES DÉCHETS

November | novembre	
1 Fr|ve	
2 Sa|sa	
3 So|di	
4 Mé|lu	PAPIER / VERRE
5 Dë|ma	POUBELLE
6 Më|me	
7 Do|je	
8 Fr|ve	VALORLUX
9 Sa|sa	
10 So|di	
11 Mé|lu	
12 Dë|ma	POUBELLE
13 Më|me	
14 Do|je	POUBELLE BIO
15 Fr|ve	
16 Sa|sa	
17 So|di	
18 Mé|lu	PAPIER / VERRE
19 Dë| ma	POUBELLE
20 Më|me	
21 Do|je	
22 Fr|ve	VALORLUX
23 Sa|sa	
24 So|di	
25 Mé|lu	
26 Dë|ma	POUBELLE
27 Më|me	
28 Do|je	POUBELLE BIO
29 Fr|ve	
30 Sa|sa	

Dezember | décembre	
1 So|di	
2 Mé|lu	PAPIER / VERRE
3 Dë|ma	POUBELLE
4 Më|me	
5 Do|je	
6 Fr|ve	VALORLUX
7 Sa|sa	
8 So|di	
9 Mé|lu	
10 Dë|ma	POUBELLE
11 Më|me	
12 Do|je	POUBELLE BIO
13 Fr|ve	
14 Sa|sa	
15 So|di	
16 Mé|lu	PAPIER / VERRE
17 Dë|ma	POUBELLE
18 Më|me	
19 Do|je	
20 Fr|ve	VALORLUX
21 Sa|sa	
22 So|di	
23 Mé|lu	
24 Dë|ma	POUBELLE
25 Më|me	
26 Do|je	
27 Fr|ve	POUBELLE BIO
28 Sa|sa	
29 So|di	
30 Mé|lu	PAPIER / VERRE
31 Dë|ma	POUBELLE

- Vieux vêtements
- Verre
- Papier
- Valorlux
- Poubelle bio
- Déchets ménagers

Impressum

Editioun | *Édition*
November & Dezember 2024
novembre & décembre 2024

Coverfoto:
Borrigs
Schlass

Koordinatioun |
Coordination
Gemeng Jonglënster

Design
MOSKITO

20, rue des Sangliers
L-7344 Steinsel
T. 26 33 44 82
www.moskito.lu

Print
Imprimerie Schomer-Turpel
29, rue des Prés
L-5561 Remich

Oplag | *Tirage*
3.400
Exemplaren | *exemplaires*

Nächst Editioun |
Prochaine édition
Januar & Februar 2025
janvier & février 2025

FSC www.fsc.org RECYCLED Paper made from recycled material FSC® C018673

MADE IN LUXEMBOURG

GEMENG
JONGLËNSTER

4,2 t

Esou vill Pabeier gëtt all Joer fir de Lënster MAG benotzt.

An och wann de MAG op recycléiertem Pabeier geprint gëtt, wëlle mir den Impakt op d'Ëmwelt verréngeren. Dofir wäert de Lënster MAG vu Januar 2025 just nach um Internetsite publizéiert ginn.

C'est la quantité de papier utilisée chaque année pour le Lënster MAG.

Même si le MAG est imprimé sur du papier recyclé, nous voulons réduire l'impact sur l'environnement. C'est pourquoi, à partir de janvier 2025, le Lënster MAG ne sera plus publié que sur notre site web.

That's how much paper is used every year for the Lënster MAG.

Even though the MAG is printed on recycled paper, we want to reduce the impact on the environment. That's why from January 2025, the Lënster MAG will only be published digitally on our website.

Dir wëllt de MAG awer nach a Pabeierform kréien?
Dann scannt dëse QR-Code oder mellt Iech per Mail respektiv per Telefon a gitt eis Är Adress un.

Vous souhaitez quand même recevoir le MAG en version papier ?
Alors scannez ce code QR ou contactez-nous par e-mail ou par téléphone en mentionnant votre adresse.

Would you still like to receive the MAG in paper form?
Then scan this QR code or contact us by e-mail or by phone, stating your home address.

Dir wëllt den digitalen MAG per Mail geschéckt kréien?
Dann scannt dëse QR-Code oder mellt Iech per Mail a gitt eis Är Adress an Är Mailadress un.

Vous souhaitez recevoir le MAG numérique par e-mail ?
Scannez ce code QR ou contactez-nous par e-mail en indiquant votre courriel et votre adresse de domicile.

Would you like to receive the digital MAG by e-mail?
Then scan this QR code or contact us by e-mail, stating your own e-mail address and your home address.

junglinster.lu | **T** 78 72 72 – 1 | **M** communication@junglinster.lu